# Rapport Referees' Commission - 19.05.2025

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Simonelli

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 08.04.2025***

2) ***Formatioun***
- *Um FLH-Final4 hunn, 22 Arbitter an Delegué, Samschdes moies d'Videoanalyse vun den Halleffinalle presentéiert krut.*
- *De Summerstage ass vum 23-24. August 2025. D'Arbitter an d'Delegué, déi sech nach net gemellt hu, si gebieden dëst bis spéitstens de 15. Juni 2025 ze maachen, (souwuel U- wéi Ofmeldung), fir dass d'Reservatioun ka bestätegt ginn. D'RefCom schéckt och nach e Rappel. Dëst Joer gëtt nees probéiert een EHF-Lekturer ze invitéieren, an nieft de Couren ass och een Teambuilding virgesinn, de vun der Amicale organiséiert gëtt.*
- *Den éischte Cours fir d'Saison 2025/2026 ass och scho geplangt, a wäert de 4. Oktober 2025 vun 10h00 – 12h00 an der Maison des Sports (3, route d'Arlon L-8009 STRASSEN) sinn.*
- *Jeunes arbitres: Ab Oktober 2025 wäerten och nees Formatioune fir „jeunes arbitres" ofgehale ginn. Hei gëtt drun erënnert, dass esou Formatiounen nëmme vun der RefCom organiséiert ginn, fir eng eenheetlech Linn ze halen.*

3) ***Examen – all Arbitter - RAPPEL***
- *Déi 1. Seance vun den Tester fir d'Saison 2025-2026 ass den 12. Juli 2025 vun 09h30 – 11hh30 um INS*
  - *09h15 Rendez-Vous*
  - *09h30 Laftest*
  - *10h30 Reegeltest*
  - *11h00 Opléisung vum Test*
- *Déi 2. Seance ass Freides den 22. August 2025 um INS (19h00 Laftest / 20h00 Reegeltest)*
- *Eng 3. a lescht Seance ass den 13. September 2025 um INS (09h30 Laftest / 10h30 Reegeltest*

*De physeschen Tester ass mat Hëllef vu verschiddenen Trainer iwwerschafft ginn, fir méi realistesch den Ufuerderungen un d'Arbitter um Terrain wärend dem Match ze entsprieche. Informatiounen heizou ginn nach verschéckt.*

*Fir de Reegeltest gëtt och probéiert eng nei Formule ze fannen.*

4) ***Examen – divers***
- *Eng Arbitterkoppel huet hiren Exame fir den C-Schäi wärend dem Final4 gemaach a gepackt. Een 2. Examen huet wéinst Blessure missen ofgesot ginn. Aner Examen si fir Ufank nächst Saison geplangt.*
- *4 Leit hunn den theoreteschen Test fir Delegué den 9. Abréll 2025 gepackt. Si ginn elo nach 3 Matcher mat engem confirméierten Delegué agesat, ier d'RefCom hiren Avis ofgëtt. E Kandidat, de berufflech verhënnert war, wäert den Test am August schreiwen.*

5) ***Internationalen Austausch***
- *Mat Éisträich gëtt gekuckt fir den Austausch fir d'Saison 2025-2026 nei ze lancéieren. Den Denis Weinquin setzt sech mam Responsabele vun hinnen a Verbindung*
- *Mat Dänemark ass een neien Austausch ugaangen, an eng dänesch Arbitterkoppel ass um Boys' a Girls' Cup zu Dikrech am Asaz. Hei e grousse Merci un de CHEV, dass si hier Bereetschaft gewisen hunn.*

6) ***RPS / Saarland / Rheinland***

*D'RefCom wier frou, an nächster Zeit méi Informatiounen ze kréien, wat d'Matcher ugeet, déi an dem Kader zu Lëtzebuerg gespillt ginn. Och wëllt d'RefCom hei op den Artikel 4 vum Règlement Coupe opmierksam maachen.*

7) ***Buzzer***

*Allgemeng ass gutt Erfarung mam Buzzer gemaach ginn. Bei e puer Matcher goufen et Problemer, mee déi sinn op falsch Astellung oder Manipulatioun vum Bodet zréckzeféieren. D'RefCom wäert heizou nach déi néideg Informatioune verschécken, ob wat do generell opgepasst gi muss.*
*Hei wëll d'RefCom d'Delegué an d'Arbitter awer drop hiweisen, dass si virum Match de Buzzer teste sollen, fir wärend dem Match keng Iwwerraschung ze erliewen.*
*D'RefCom waart nach ob eng Decisioun vum CA, ab wéini de Buzzer fir wéi eng Kategorien obligatoresch gëtt. Hei wier den Avis vun der RefCom och, fir de Buzzer an alle Kategorien ze gebrauchen, wou Team-Time-outen däerfen ugefrot ginn.*

8) ***Kleeder fir Arbitter***

*Nei Kleeder fir all Arbitter sinn ukomm, a wäerte bei enger Soirée beim Peters Sports verdeelt ginn. De geneeën Datum steet nach net fest, a gëtt den Arbitter an Delegué soubal wéi méiglech matgedeelt.*

9) ***Sportshal John Scheuren Oberkorn***

*D'Sportshal gouf den 8. Mee ofgeholl an et si keng gréisser Mängel opgefall, fir dass net dierft do gespillt ginn. De Mëttelstréch am Uworfkrees muss nach ewech geholl, oder an enger anerer Faarf wéi d'Handballslinne gemoolt ginn. Och gouf et d'Problemer mam Buzzer, déi elo geléist sinn. Een Zwëschefall mat der Affichage de 17.05.2025 schéngt och geléist ze sinn.*

10) ***Besetzungskommissioun***

- *An der Saison 2024/2025 goufen et vill Changementer am Kalenner, wat et der Besetzungkommissioun net einfach gemaach huet, Arbitter ze fannen. Vill Arbitter haten hier Vakanzen oder Fräizäitgestaltung scho geplangt, wou dunn awer Matcher op déi Deeg festgeluecht goufen.*
- *U15 - De leschte Match vun der normaler Ronn bei den U15 war den 11. Mee, wou duerno eréischt de Programm fir d'Halleffinalle (18.5) festgeluecht gouf. Dëst huet der Besetzungkommissioun maximal 3-4 Deeg Zeit gelooss Arbitter fir déi Matcher ze fannen. Mat vill Asaz kruten si dat esou just awer nach hin.*
- *Damen – D'RefCom schléit fir, dass Halleffinallen an d'Finalle vum Championnat nom selwechte System gespillt ginn. Dëst ënner anerem fir dass et keng Feeler bei der Matchprozedur gëtt. (Muss et e Gewënner ginn, ass e 7m Schéisse virgesinn, asw)*
- *Fir eng adequat Besetzung kënne ze garantéieren, freet d'Besetzungskommissioun d'Infoen iwwert d'Matcher (Datum – Auerzäit – Hal) minimum 14 Deeg am Viraus ze kréien.*

11) ***Testmatcher an Turnéier :***

*D'Besetzungskommissioun kritt ëmmer méi oft Ufroe fir Arbitter op Testmatcher, respektiv Turnéier ze schécken. Hei wëll d'RefCom op den Artikel 3 vum Code du Handball opmierksam maachen. D'Informatiounen iwwert Testmatcher, wou d'Besetzungskommissioun soll Arbitter schécken, musse spéitstens 8 Deeg am Viraus matgedeelt ginn. Fir Turnéiere sinn dat 3 Wochen. Hei bleift awer ze bemierken, dass et dann awer net garantéiert ass, dass Arbitter disponibel sinn.*

12) ***Arbitter fir de Regio-Cup an Däitschland (29.06.2025)***

*2 Ekippe si fir de RegioCup ugemellt, an « Durchführungsbestimmungen“ soen, dass all Landesverband och muss 2 Arbitterkoppele stellen. Dëst ass ouni Koordinatioun mat der RefCom geschitt, an et dofir keng Garantie gëtt, dass Arbitter disponibel sinn. D'RefCom freet awer bei verschiddene Koppelen no, ob si do géife matgoen, a kommunizéieren dat, soubal si e Retour vun de Koppelen hunn.*

13) ***Divers***

- *De Francis Keiffer vertrëtt d'Refcom um FLH Kongress zu Miersch*
- *Den Denis Weinquin vertrëtt d'RefCom op der Soirée des lauréats*
- *Supercup: D'RefCom nominéiert d'Arbitter an Delegué. De Sekretär an e Chronometreur solle vun de Veräiner gestallt ginn.*

**Nächst RefCom: Mëttwoch de 25. Juni 2025 um 19h00**